# Éditorial

## Pressekonferenz vum SNE/CGFP: #NETesou

Dir Dammen an Dir Häre vun der Press, et freet mech, Iech alleguerten am Numm vum SNE/CGFP op eiser Pressekonferenz begréissen ze däerfen, an ech profitéieren awer och vun däser Geleeënheet, fir Iech all Guddes fir 2026 ze wënschen.

Vläicht hutt Dir déi lescht Woch schonn deen ëmgedréinte Smiley op dem SNE/CGFP senge soziale Medien zirkuléiere gesinn. Dësen ëmgedréinte Smiley ass d'Zeeche vun eiser neier Aktioun mam Slogan **#NETesou**, déi mir Iech haut wëlle virstellen.

Jo, den SNE/CGFP ass der Meenung, dass et an eise Schoulen **#NETesou** ka weider goen a punkto Inclusioun, a punkto mental Gesondheet vun den Enseignanten, a punkto Contingent an a punkto administrativem Opwand, fir just déi Chantieren emol ze nennen. An dass d'Reform « ALPHA » och **#NETesou** kann an d'Praxis ëmgesat ginn, ass fir den SNE/CGFP eng Evidenz.

Aus deem Grond loosse mir eise Memberen, den Enseignanten um Terrain an de Schoulen, Pinnen an Autocollante mam ëmgedréinte Smiley zoukommen, fir dass si de Pins kënnen undoen an den Autocollant zum Beispill op hire Laptop oder op d'Dier vum Klassesall kënne pechen. Mat däser Aktioun kënne si hire Protest géint déi vun der Politik imposéiert Reform « ALPHA » ausdrécken.

Oft heescht et jo vu Säite vun de Responsabele vun der Bildungspolitik, dass d'Gewerkschaften ëmmer alles schwaarz gesinn, an dass an de Schoulen d'Stëmmung guer net esou schlecht ass, wéi mir se beschreiwen. Oft heescht et och, dass d'Reform « ALPHA » an der haiteger Form vun allen Enseignantë matgedroe géif ginn an eng breet Zoustëmmung vum Terrain géif kréien. Just eleng d'Gewerkschafte wäre skeptesch a géifen iwwerall Problemer gesinn, déi et iwwerhaapt net ginn.

Ma dës Aktioun wäert de Contraire beweisen. All zesumme kënne mir, d'Enseignanten, elo en Zeeche setzen andeems mir all zesummen den Autocollant an de Button mam ëmgedréinte Smiley benotzen.

Well fir den SNE/CGFP ass et ganz kloer:

An eise Schoule kann et **#NETesou** virugoen! Mir soe ganz kloer an däitlech an däser Campagne :

- Alphabetiséierung op Franséisch ? - JO ! awer **#NETesou**
- Inklusioun ? - JO ! awer **#NETesou**
- Freed un der Aarbecht ? JO ! awer **#NETesou**
- Contingent ? JO ! awer **#NETesou**
- Administrativen Opwand ? JO ! awer **#NETesou**

### Fänke mir u mat eisem éischte JO ! awer #NETesou : Der Reform « ALPHA »

Jo, den SNE/CGFP ka sech och weiderhin eng Alphabetiséierung op Franséisch virstellen a widdersetzt sech prinzipiell net esou enger Initiativ. Och well mir der Meenung waren an och nach ëmmer sinn, dass eng Alphabetiséierung op Franséisch eng Léisung ka si fir eng Rei vun eise Schüler, awer sécher net fir se all. Den SNE/CGFP seet awer och







#NET
ESOU


syndicat national des enseignants cgfp

genau esou kloer: Reform « ALPHA », JO ! awer **#NETesou**

Fir den SNE/CGFP gëtt et nämlech ee fundamentale Problem bei der Reform « ALPHA ». Mir generaliséieren dës Reform am ganze Land ouni ofgewaart ze hunn, dass d'Kanner aus de Pilotprojetschoulen déi véier Zyklen an der Grondschoul komplett duerchlaf hunn an an de Lycée gewiesselt hunn. Mir generaliséieren dës Reform op Grond vu momentane Conclusiounen aus Evaluatiounen, déi eenzeg an eleng op Resultater nom Cycle 2 berouen.

An eisen Aen hätt een d'Resultater vun den « Épreuves communes » um Enn vum Cycle 4.2 an d'Resultater vun der Orientéierungsprozedur an de Lycéeën awer onbedéngt ofwaarde mussen, ier een definitiv Conclusiounen hätt kënnen zéien. Dann eréischt hätt ee wierklech kënne soen, ob d'Alphabetiséierung op Franséisch fir méi Chancëgerechtegkeet gesuergt hätt. Nëmme wa mir dee Moment ofgewaart hätten, nëmmen dann hätte mir definitiv evaluéiere kënnen, wéi de Kanner hir Kompetenzen am Däitschen an am Franséischen um Enn vum Cycle 4.2 gewiescht wären, besonnesch bei deene Kanner, déi op Franséisch alphabetiséiert goufen. Wa manner Kanner vum Cycle 1 bis zum Cycle 4 e Rallongement krut hätten, a wa manner Kanner an d'« Voie de préparation » a manner an den « Secondaire général » orientéiert gi wären, dann hätt ee kënne soen, ob d'Reform « ALPHA » hiert Zil, enger Rei vun eise Kanner besser Chancen ze ginn, wier-

- Alphabetiséierung op Franséisch ? - JO ! awer **#NETesou**
- Inklusioun ? - JO ! awer **#NETesou**
- Freed un der Aarbecht ? JO ! awer **#NETesou**
- Contingent ? JO ! awer **#NETesou**
- Administrativen Opwand ? JO ! awer **#NETesou**




klech erreecht hätt oder eben net. Leider ass net op eis gelauschtert ginn a leider ass dëse Moment net ofgewaart ginn.

Niewent dëser Grondsazkritik un der Reform « ALPHA » sinn an eisen Aen och nach ganz vill Froen onbeäntwert an et stinn och nach eng Rei Fragezeichen am Raum. A bei dëse villen onbeäntwerte Froen handelt et sech net ëm Detailfroen, mee et geet hei ëm essentiel Froen, déi di praktesch Ëmsetzung vun der Alphabetiséierung op Franséisch um Terrain an de Schoule betreffen. D'Haaptproblematiken, déi den SNE/CGFP uprangert, betreffen d'Ëmsetzung vun der paralleller Alphabetiséierung op Franséisch an op Däitsch an alle Schoulen:

## Schoulorganisatioun an Horaire

Duerch déi 2 parallel Alphabetiséierungen, mat gemëschte Klassen, esou wéi de MENJE dat decidéiert huet, entsti ganz vill nei Contrainten, déi d'Opstelle vun de Stonnepläng nach méi schwéier maachen ewéi bis elo.

Just e Beispill: Bis elo hat d'Klass A aus dem 2.1 vun 8 bis 9 Mathé, vun 9 bis 10 Däitsch a vun 10 bis 12 ass de Surnumeraire fir d'Niewefächer intervenéiert. An der Klasse B war et just ëmgedréint. Do ass dee selwechte Surnumeraire vun 8 bis 10 fir d'Niewefächer intervenéiert a vun 10 bis 12 huet den Titulaire da seng Haaptfächer gehalen. Vu dass d'Klassen A a B an Zukunft zu där selwechter Zäit Mathé an Däitsch mussen hunn, musse se och zur selwechter Zäit d'Niewefächer hunn.

An do läit de Problem. Mir brauchen an Zukunft dofir 2 Surnumerairen amplaz vun engem eenzege fir déi Plagen ofzedecken. An dat an enger Situatioun, wou mir aktuell schonn « à court » mat brevetéiertem, gutt ausgebiltem Personal sinn! Den SNE/CGFP hätt sech fir eng aner Approche ausgeschwat. Mir hätten de Schoulen de Choix gelooss ze decidéieren, ob si wéilte gemëschte Klasse maachen oder awer, a Funktioun vun de jeeweilege Schülerzuelen, getrennte Klassen, déi op Franséisch a getrennte Klassen, déi op Däitsch alphabetiséiert ginn, ze maachen. Doduercher hätte kéinten d'Contraintë beim Erstelle vun de Stonnepläng minimiséiert ginn an d'Erstelle vun der Schoulorganisatioun wär net onnéideg méi komplizéiert gemaach ginn.

## Schoulsäll

Fakt ass, dass a verschiddene Gebaier elo schonn net genuch Schoulsäll zur Dispositioun stinn. Elo scho mussen op ville Plazen innovativ Léisunge gesicht ginn, well Klasseraim feelen. A wou solle mir dann op eemol déi zousätzlech Raim hierhuelen, déi mir brauchen, fir déi 2 parallel Alphabetiséierunge kënnen duerchzeféieren? A wat geschitt dann, wa Säll a verschiddene Schoule feelen, elo wou d'Reform an de Planning gestëmmt goufen? Wou ginn déi Kanner dann ënnerriicht? Och fir d'Problematik vun de Schoulsäll ze léisen, huet den SNE/CGFP sech vun Ufank u ganz kloer géint eng simultan flächendeckend Generaliséierung vum Projet Alpha op Landesniveau ausgeschwat.

An den Ae vum SNE/CGFP hätt et sollen zu enger gradueller Aféierung kommen. Nëmme Gemengen a Schoulen, déi sech prett gespiert hätten an och iwwert déi néideg Infrastrukture verfüügt hätten, hätte sollen an enger éischter Phas eng Alphabetiséierung op Franséisch ubidden. Esou hätt ee sech virstelle kënnen, dass fir den Ufank mindestens 1 Schoul aus all Direktioun um Pilotprojet deelgeholl hätt. Dës Virgoensweis hätt de weideren Avantage gehat, dass een nach vill Erfarungen hätt kéinte sammelen, déi bei der Generalisatioun vun der Reform mat hätte kéinten afléissen.

Genau esou wéi et bei der Aféierung vun der «Education précoce» de Fall war, hätt een de Schoulen an de Gemengen eng méi laang Virbereedungs- an Adaptatiounsphas sollen zougestoen, fir d'Alphabetisatioun op Franséisch anzeféieren, natierlech mam verbindlechen Zil, ab engem bestëmmte Stéchdatum déi 2 Alphabetiséierungsparcourse mussen unzebidden.

## Personell Ressourcen

Wou huele mer sou séier och déi néideg personell Ressourcen hir, déi fir dës Reform gebraucht ginn ?

## Wiessel vun enger Filière an déi aner

Eng aner Problematik, déi sech fir den SNE/CGFP stellt ass déi, wat geschitt, wann d'Elteren no engem Trimester oder méi spéit realiséieren, dass si de falsche Choix fir hiert Kand getraff hunn. Ass et einfach esou méiglech, wärend dem Joer d'Alphabetiséie-



rungssprooch ze wiesselen? Am grousse Ganze stellt sech d'Fro vum Wiessel vun enger Filière op déi aner wärend der ganzer Grondschoulzäit. Wat ginn et do vu Méiglechkeeten a wéi eng Krittäre ginn do ugewant?

## Grondstëmmung an de Schoulen

Net ze ënnerschätzen ass och de Fait, dass momentan e ganz schlechten Zäitpunkt ass, fir esou eng gewalteg Reform « duerchzeboxen ». D'Enseignanten hunn aktuell scho genuch mat bestoenden Erausfuerderungen ze kämpfen an dofir ass d'Stëmmung a ville Schoulen alles anescht ewéi positiv. Et brauch awer eng positiv Grondstëmmung an de Schoulen, fir dass d'Reform déi gréisstméiglech Erfollegsaussiichten huet an d'Enseignantë sech mat deem néidegen Enthusiasmus déser Erausfuerderung stellen. Wann een d'Enseignanten net mat op de Wee kritt, da gëtt et schwéier, dass dës Reform zu engem Erfolleg gëtt.

Vill Enseignantë schaffen un hirer Limitt, wat och vill domadder ze dinn huet, dass nach ëmmer keng zefriddestellend Léisunge fonnt gi si fir den Encadrement vu Kanner mat spezifesche Besoinen.

## An da si mer scho beim zweete JO ! awer #NETesou : Der Inklusioun

D'« Prise en charge » vu Kanner mat spezifesche Besoinen ass op ville Plazen net zefriddestellend assuréiert an d'Qualitéit vum Encadrement vun dëse Kanner huet sech an de leschte Jore weider verschlechtert. D'Situatioun fir d'Enseignanten huet sech dofir op ville Plazen dramatesch zougespëtzt. Si sti virun engem groussen Dilemma. Trotz engem enormen Engagement an engem gewaltegen Asaz, geléngt et aktuell net méi, de Kanner, déi Ënnerstëtzung brauchen, esou ze hëllefen, wéi si et brauchen.

Derbäi kënnt, dass et an eise Klassen ëmmer méi Kanner gëtt, déi verhalensopfälleg sinn, an dass dës Opfällegkeeten och ëmmer méi u Gravitéit zouhuelen. Et gi mëttlerweil ëmmer méi Situatiounen, wou een eenzege Schüler den normalen Unterrecht esou vill stéiere kann, dass en normaalt Schoulhale massiv erschwéiert an a munche Fäll zäitweis esouguer onméiglech gëtt. Dëst alles bréngt eng enorm psychesch Belaaschtung fir d'Enseignantë mat sech, déi esou schwiereg Situatiounen ze geréieren hunn.

Fir all deene verschiddene Problematike vum Encadrement vun EBS-Kanner entgéintzewierken huet den SNE/CGFP dofir schonn zënter Laangem e Fuerderungskatalog opgestallt:

- Esou brauch all Schoul an den Ae vum SNE/CGFP 2 I-EBSen (instituteur spécialisé dans la scolarisation des élèves à besoins éducatifs spécifiques) an 1 A-EBS (assistant pour élèves à besoins éducatifs spécifiques).
- Och mussen ESEB-Ekippe massiv opgestockt ginn, si musse méi no un d'Schoule kommen an hiert Personal misst och ersat ginn.
- All Schoul brauch eng Taskforce bestoend aus Spezialisten aus verschiddenen Domänen, wéi zum Beispill Educateuren, Infirmieren a Sozialaarbechter, fir nëmmen déi ze nennen.
- Ausserdeem muss de Fonctionement vun de Kompetenzzentre grondleeënd verännert ginn.

Mir brauchen dat spezialiséiert Personal aus de Kompetenzzentren um Terrain an eise Schoulen. Et kann nëmmen am Interêt vun all de concernéierten Acteure sinn, déi spezialiséiert Betreiung méi no bei de Schüler a bei d'Enseignantsekippen ze bréngen. Et kann och net sinn, dass verschidde Kompetenzzentren sech einfach weigeren, direkt mat Kanner ze schaffen an hiren eenzege Rôle just doranner gesinn, Coach fir d'Enseignanten ze spillen. Dat ass an den Ae vum SNE/CGFP e richtege Skandal.

Wa mir den Encadrement vu Kanner mat spezifesche Besoine verbessere wëllen, da muss d'Politik sécherstellen, dass all dat spezialiséiert Personal am Kontakt mat de Kanner schafft. Mir kënnen eis et einfach net erlaben, héich qualifizéiert Ressourcen, déi do sinn, falsch anzesetzen. Et geet also net nëmmen duer mat méi Ressourcen. Neen, och déi existéierend Ressourcë musse richteg agesat ginn.

Et muss och endlech séchergestallt ginn, dass Kanner, déi Hëllef brauchen, déi och direkt, ouni Zäit ze verléieren an ouni allze vill administrativen Opwand, kréien. Dës Kanner däerfen net weider de Spillball vun deene verschiddene Kompetenzzentre bleiwen, well d'Zentre sech net eens ginn, wie fir d'Problematik vum Kand kompetent ass. Fir deen ee Kompetenzzenter ze schwaach a fir deen aneren ze staark, mam finale Constat, dass d'Kand nach ëmmer am beschten an der normaler Klass ouni zousätzlech Hëllef opgehuewen ass. Dee « Ping-Pong » mat de Kanner muss endlech ophalen, well do ass d'Kand de gréisste Verléierer.

Mir wëssen, dass mir all dëst net kënne vun haut op muer erreechen, mee de politesche Wëlle muss awer do si fir déi Verännerungen zum Gudden ze maachen.

D'Wuelbefannen an d'mental Gesondheet vun den Enseignanten ass och enk verknëppt mat der Problematik vun der Betreiung vu verhalensopfällege Schüler oder vu Schüler mat spezifesche Besoinen.

De Manktem u Ressourcen, d'schlecht Asetze vun de Ressourcen oder d'Net-Ersetze vu Ressourcen, all dëst féiert derzou, dass eng steigend Zuel un Enseignanten ëmmer méi Schwieregkeeten huet, hire Bildungsoptrag bei all de Kanner ze erfëllen. Ëmmer méi Enseignantë packen de Spagat net méi tëschent dem Usproch, dee si u sech selwer stellen, all de Kanner gerecht ze ginn an der Wierklechkeet an hirer Klass. Dës Hëlleflosegkeet féiert an enger éischter Phas zu Frustratiounen, mee ka sech op Dauer och méi negativ op hiert physescht, mentaalt a psychescht Wuelbefannen auswierken. Et ass e Fait, dass sech ëmmer méi Enseignanten epuiséiert fillen, riskéieren an de Burnout ze falen oder schonn doranner sinn.

## An dat war dann och schonn d'Erklärung vun eisem drëtte JO ! awer #NETesou :

## Der Freed un der Aarbecht an der mentaler Gesondheet vun den Enseignanten

An dofir fuerdert den SNE/CGFP de MENJE op, den Encadrement vu Kanner mat spezifesche Besoine schnellstens ze verbesseren, fir dass esou d'Freed un der Aarbecht bei den Enseignanten net verluer geet, well : Gudden Unterrecht brauch gesond a motivéiert Enseignanten!

## Dann elo zu eisem véierte JO ! awer **#NETesou** :

### Dem Contingent

Hei fuerdert den SNE/CGFP, dass de Berechnungsmodus vum Contingent esou ëmgeännert gëtt, dass et zu enger Erhéijung kënnt vun de Ressourcen, iwwert déi d'Schoule verfüge kënnen.

Dofir muss d'Klassemoyenne fir d'Berechnung vum Contingent vu 16 op 15 erofgesat an den Impakt vum « Indice social » vun 20% op 25 % eropgesat ginn. Ausserdeem mussen d'Schüler mat spezifesche Besoinen och onbedéngt am Contingent berücksichtegt ginn andeems weider Ressourcen dofir fräigesat ginn.

A puncto Contingent fuerdert den SNE/CGFP och weiderhin, dass den 2. Intervenant, deen am Koalitiounsaccord tëschent der CSV an der DP virgesinn ass, an all de Klassen aus dem Cycle 1 nom Modell vum Precoce mat engem Team bestoend aus engem Enseignant an engem Educateur intervenéiere soll. Wéi am Precoce soll den 2. Intervenant all Dag wärend der ganzer Unterrechtszäit mam Enseignant zesummeschaffen.

Den SNE/CGFP wiert sech mat aller Vehemenz géint d'Iddi, dass den 2. Intervenant just sporadesch an d'Klass kënnt, fir dass den Enseignant dann Zäit kritt, fir mat engem klenge Grupp eng Aktivitéit ronderëm d'phonologesch Bewosstheet ze maachen.

## Dann elo zu eisem fënnefte JO ! awer **#NETesou** :

### Dem administrativen Opwand

Mir mussen dréngend den administrativen a bürokrateschen Opwand besonnesch a Relatioun mat der Hëllef fir EBS-Kanner op e Minimum reduzéieren. D'Hëllef um Kand muss un éischter Plaz stoen an net d'Prozedur. Och geet et net duer, Prozesser ze digitaliséieren. Dës Digitaliséierung vu Prozedure muss eng reell Erliichterung fir d'Enseignantë mat sech bréngen.

Zënter der Reform vun 2009 huet d'Tâche vun de Schoulkommiteeën, vum President vum Schoulkomitee, vun de Coordinateuren an och vun all eenzelnen Enseignant massiv zougeholl. Aus deem Grond fuerdert den SNE/CGFP och weiderhin e Sekretariat an all Schoul. Et kann net sinn, dass d'Mise en place vun engem Schoulsekretariat dorunner scheitere soll, well se ze vill ressourcenintensiv wär. Virun allem, wou dann awer jidderee weess, wéi séier d'Effektiver an den Direktiounen an de leschte Jore gewuess sinn. Do schéngt d'Fro vun der Ressourcenintensitéit wuel net esou eng grouss - fir net ze soen, guer keng - Roll gespillt ze hunn.

Eng Léisung, wou een net méi Personal géif brauchen, wär zum Beispill déi « Agents administratifs » aus den Direktiounen ofzezéien, fir se dann an de Schoulsekretariater am Interêt vun de Kanner, den Enseignanten a vun der Schoul am Allgemengen, effikass anzesetzen.

Dëst wär dann d'Virstellung vun eiser Campagne **#NETesou** gewiescht.

Mir hu probéiert, net nëmmen ze erklären, firwat mir net einfach esou weiderfuere kënnen, mee mir hunn och probéiert, Léisungsusätz ze proposéieren.

Mir soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Patrick Remakel,
*President vum SNE/CGFP*



Patrick Remakel,
President SNE/CGFP






LUX VOYAGES

DERTOUR





ISLAND – RUNDREISE MIT FLAIR






Island berührt – mit spektakulären Wasserfällen, stillen Fjorden, schwarzen Sandstränden und faszinierenden Vulkanlandschaften.

Diese elftägige Autoreise führt Sie entspannt durch die schönsten Regionen der Insel aus Feuer und Eis – mit gut geplanten Tagesetappen und mit Übernachtungen in charmanten, stilvollen Hotels.

Entdecken Sie den berühmten Golden Circle, die Gletscherlagune Jökulsárlón, die schwarzen Strände, das Naturparadies Diamond Circle sowie die Region Myvatn. Ein besonderes Highlight ist der Besuch des Myvatn Nature Bath – eines der schönsten Thermalbäder Islands – der Eintritt ist bereits im Reisepreis inbegriffen.

**Reisepreis ab: 2.499 € pro Person im Doppelzimmer,** inklusive

- 10 Übernachtungen mit Frühstück
- ausgewählte Eintritte (Lava Center Hvolsvöllur, Myvatn Nature Bath)
- Reiseführer

**Reisezeitraum:** vom 01.05. bis 31.10.

*Individuelle Autoreise ohne Reiseleitung*
*Mietwagen nicht inklusive*



Gerne beraten wir Sie und stellen Ihnen die ausführliche Reisebeschreibung dieser und vieler weiterer Dertour-Reisen vor. Wenden Sie sich einfach an Lux Voyages, Ihre CGFP-Reiseagentur.

LUX VOYAGES s.à r.l.
25-A, boulevard Royal ▪ L-2449 Luxembourg
Tel.: 47 00 47 - 1 ▪ info@luxvoyages.lu

